N°3786
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n°3786 vum 18. Mäerz 2026 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra Schoos**

1. **Ass dem Kulturministère den aktuellen Zoustand vum Schlass Buschland zu Réimech bekannt?**

Jo, dem Kulturministère ass den aktuellen Zoustand vum Gebai bekannt.

2. **Gouf d'Gebai schonns duerch déi zoustänneg staatlech Instanzen, besonnesch den"Institut national pour le patrimoine architectural" (INPA), am Hibléck op säi kulturhistoreschen oder architektonesche Wäert evaluéiert?**

D'Gebai gouf vum INPA als schützenswäert identifizéiert, dat am Kader vum Inventaire, esou wéi d'Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 e virgesäit, deen aktuell an der Gemeng Réimech ausgeschafft gëtt.

3. **Aus wéi enge Grënn steet d'Schlass aktuell net ënner Denkmalschutz bzw. aus wéi enge Grënn gouf et bis elo net an den nationalen Inventaire vum architektoneschen Ierwen opgeholl?**

Den uewegenannten Inventaire ass amgaang ausgeschafft ze ginn. Dësen Exercice, deen an all Gemeng vum Land gemaach gëtt, wäert et an Zukunft erméiglechen Gebaier, wéi d'Schlass Buschland, adequat a preventiv ze schützen.

4. **Préift de Kulturministère aktuell en eventuellt Ënner-Denkmalschutz-Stelle vum Gebai oder aner Moossnamen zum Schutz vun dësem Schlass?**

Wéinst dem schlechten Zoustand vum Gebai, gouf eng Schutzprozedur virgezunn, nach virum Ofschloss vum uewegenannten Inventaire.

5. **Wéi eng rechtlech a finanziell Méiglechkeete besti fir de Staat, fir a Fäll wéi dësem dréngend Sécherungs- oder Astandhalungsmoossnamen anzeleeden, och dann, wa sech d'Gebai a Privatbesëtz befënnt?**

Am Kader vum Denkmalschutzgesetz ass de Proprietär verflicht, e klasséiert Gebai z'erhalen. Heifir kann de Staat Subventiounen accordéieren déi, jee no Schutzstatus bis zu 50 % oder méi vun de Käschten decken.

Am Fall wou e senger Flicht net géif nokommen, kann de Minister e klasséiert Gebai besichtege loossen, fir de Besoin u Conservatiounsaarbechten z'evaluéieren, an de Proprietär dozou verflichten, déi néideg Aarbechten duerchzeféieren. Wann de Proprietär net kooperéiert, kann de Staat, mat Autorisatioun vum Geriicht, selwer intervenéieren an d'Aarbechten ausféiere loossen, op d'Käschte vum Proprietär.

6. **Goufe säitens dem Ministère Gespréicher mat der Gemeng Réimech oder aneren Acteure gefouert, fir eng Léisung fir d'Zukunft vun dësem Gebai ze fannen?**

Nee, et goufen aktuell nach keng Gespréicher an dësem Kontext gefouert.

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill